



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

La Ministre déléguée auprès du
Premier ministre, chargée
des Relations avec le Parlement

Monsieur le Président
de la Chambre des Députés
Luxembourg

Luxembourg, le 16 décembre 2024

Personne en charge du dossier :
Jean-Luc Schleich
☎ 247 - 82954

SCL : PET 3186 - 775 / ak

Objet : Pétition n° 3186 - Beschrëftung vun Uertschaftsschëlde ëmdrëien: Lëtzebuergesch fir'd éischt.
Ortsschilder zuerst auf LU. Town signs first in LU.

Monsieur le Président,

En guise de réponse à la demande afférente de la Commission des Pétitions du 25 septembre 2024, j'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la prise de position de Monsieur le Ministre de la Culture à l'égard de la pétition n° 3186 relative à l'objet sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Président, l'assurance de ma haute considération.

La Ministre déléguée
auprès du Premier ministre,
chargée des Relations avec le Parlement

(s.) Elisabeth Margue



**Stellungnam betreffend der Pétition n° 3186 - Beschrëftung vun Uertschaftsschëlde ëmdréien:
Lëtzebuergesch fir'd éischt. Ortsschilder zuerst auf LU. Town signs first in LU.**

- (1) Zanter dem 1. Juli 2023 ass d'Lëtzebuenger Sprooch an der Verfassung verankert. D'Verfassung verweist an engem zweete Saz drop, datt de Gebrauch vun den dräi Landessproochen per Gesetz gereegelt gëtt, wat dann och duerch d'*Loi du 24 février 1984 sur le régime des langues* geschitt. Den Artikel 2 vun deem Gesetz definéiert Franséisch als *langue de la législation*. Fir d'Koherenz tëscht legislativen Texter an aneren Dokumenter ze garantéieren gëtt dofir a bestëmmte Fäll, wéi zum Beispill bei den offiziellen Uertsnumm, déi Franséisch Sprooch benotzt. D'Zil dovunner ass, fir de Biergerinnen a Bierger eenheetlech Informatiounen zur Verfügung ze stellen.
- (2) D'Administratioun vum Kadaster an der Topografie riicht sech nom *Registre national des localités et des rues* op Basis vum Artikel 2(g) vum Gesetz vum 25. Juli 2022, *Loi du 25 juillet portant réorganisation de l'administration du cadastre et de la topographie*. Dëse Regëster hält déi offiziell Numm vun de Kantonen, de Gemengen, den Uertschaften an de Stroossen fest. E gesäit keng Uertschaftsnumm oder Stroossen a méi Sproochen vir.

D'Gemengenadministratioun sinn, no den Artikelen 5(2) an 33(1) vum Gesetz vum 19. Juni 2013, *Loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques*, gehalen, fir déi offiziell Adress am Regëster androen ze loossen.
- (3) Laut der Administratioun vun de Ponts et Chaussées ass am Code de la route festgeluecht, wéi déi ronn 2000 Uertschaftsschëlde, grad wéi all d'Schëlde op der Strooss, sollen ausgesinn. Et ass ze bemierken, dass déi offiziell Uertsnumm bei der Signalisatiounsbeschëlderung net nëmme fir d'Stroossen, mee och fir d'Vëlospiste gebraucht ginn. Doduerch ass d'Koherenz an d'Verständlechkeet vun der gesamter Stroossebeschëlderung garantéiert. Well besonnesch d'Signalisatiounsbeschëlderung nëmme eng begrenzte Fläch ubitt, fir Informatiounen a prägnanter Aart a Weis unzeginn, sinn och den Text, d'Schrëftgréisst an d'Benotzung vu Pictogramme streng gereegelt.
- (4) Op den Uertschaftsschëlde steet deemno zanter méi wéi 30 Joer den offiziellen Numm op Franséisch. De lëtzebuergeschen Numm steet kursiv drënner, ganz dacks an der Lokalvariant. Dat ass eng begrëssenswäert Initiativ vun der Stroossebauverwaltung, well doduerch net nëmme d'Lëtzebuenger Sprooch, ma och déi Lokalvariant visibel gëtt. Leider muss ee feststellen, datt am Lëtzebuergesche grad ewéi an anere Sproochen déi lokal oder regional Idiomer nawell gäre verschwannen. Mat dëser Initiativ bleiwe se visibel.
- (5) Zanter 2023 schreift d'Lëtzebuenger Post „Lëtzebuerg“ an net méi „Luxembourg“ op d'Timberen. Dëst ass ee weidert Beispill vun e sëllege Moosnamen, déi opgrond vum

Aktiounsplang vum 12. Dezember 2022 am Beräich Visibilitéit vun der Lëtzebuenger Sprooch geholl ginn.

Lëtzebuerg, den 10. Dezember 2024

A handwritten signature in blue ink, consisting of several loops and a long vertical stroke on the right side.

Eric Thill
Kulturminister